LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3302 vum 5. Dezember 2025 vun den Hären Deputéierte Fred Keup a Michel Lemaire.**

Déi honorabel Deputéiert stelle Froen zu enger Ëmgeeungsstrooss fir d’Gemeng Dippech.

*Fro 1: Wéi vill Gefierer notzen duerchschnëttlech d’Haaptachsen zu Dippech? Kann d’Madamm Minister den Typ vu Gefier (Auto, Camion asw) preziséieren?*

Déi follgend Zuelen drécken den duerchschnëttlechen deegleche Verkéier (Kfz/24h Duerchschnëtt iwwert dat ganzt Joer, inklusiv Weekender, Feierdeeg a Vakanzen) aus. Sie stame vun de permanenten an automatiséierten Zielstelle vun der Stroossebauverwaltung fir d’Joer 2025. Den Ënnerscheed tëscht dem Liichtverkéier an dem Schwéierverkéier (SV: Gefierer ≥ 3,5t, wéi zum Beispill Camionen, Busser, asw.) gëtt bei dësen Zielstellen erfaasst.

N13 zu Dippech-Gare:

- 2.450 Gefierer/Dag (130 SV) Richtung Norden
- 2.500 Gefierer/Dag (140 SV) Richtung Süden
- Ronn 5.000 Gefierer/Dag (Schwéierverkéier Ronn 5%) a béid Richtungen
- Spëtzestonn: Ronn 300 Gefierer Richtung Norden, 250 Richtung Süden
- Trafic iwwer déi lescht Jore stabel

N5 beim Rond-point zu Schuller:

- 5.800 Gefierer/Dag (360 SV) Richtung Westen
- 6.350 Gefierer/Dag (440 SV) Richtung Osten
- Ronn 12.200 Gefierer/Dag (Schwéierverkéier Ronn 6%) a béid Richtungen
- Spëtzestonn moies: 450 Gefierer Richtung Westen
- Spëtzestonn owes: 600 Gefierer Richtung Osten
- Observatioun: majoritäre Flux moies Richtung Stad, owes Richtung Frankräich/Belsch

N13 ëstlech an Dippech:

- 5.250 Gefierer/Dag (290 SV) Richtung Westen
- 5.900 Gefierer/Dag (300 SV) Richtung Osten
- Ronn 11.200 Gefierer/Dag (Schwéierverkéier Ronn 6%) a béid Richtungen
- Spëtzestonn moies: 650 Gefierer Richtung Osten
- Spëtzestonn owes: 500 Gefierer Richtung Westen
- Observatioun: majoritäre Flux moies Richtung Stad, owes Richtung Frankräich/Belsch
- Trafic iwwer déi lescht Jore stabel

Fir den Impakt vun der Ëmgeeungsstrooss Dippech-Gare kënnen ze confirméieren, huet d’Stroossebauverwaltung eng Zielung virun der Ouverture gemaach an huet weider Zielungen an Analyse virgesinn.

*Fro 2: Kann d'Madamm Minister en Iwwerbléck presentéieren, wéi eng Variante fir eng Ëmgeeungsstrooss am Laf vun de Jore gepréift goufen, wéi eng Etuden dozou gemaach goufen a wéi eng Conclusioune jeeweils gezu goufen?*

*Fro 3: Ënnerhëlt d'Madamm Minister aktuell aktiv Virbereedungsaarbechte fir de Bau vun enger Dippecher Ëmgeeungsstrooss? Falls jo, a wéi engem administrative Stadium sinn d'Aarbechten aktuell drun? Falls net, firwat net?*

*Fro 4: Am Wort gëtt och eng Tunnelvariant als Iddi genannt. Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, op dee Wee ze goen, an an deem Sënn och Erfarungswäerter fir aner Gemengen ze sammelen, déi säit Joerzéngten op eng Ëmgeeungsstrooss waarden?*

De Projet vun der Ëmgeeungsstrooss ronderëm Dippech ass – och wann nëmme schematesch duergestallt – am aktuellen nationale Mobilitéitsplang (PNM 2035) respektiv am Plan sectoriel Transports (PST) festgehalen. Präzis Tracéen, detailléiert Varianteverglääicher oder Ëmweltetüde goufen awer nach net duerchgefouert, dowéinst leien och keng Conclusiounen iwwert déi eenzel Variante vir.

D'Iwwerleeungen zur Ëmgeeungsstrooss Dippech sinn deemno nach an engem fréie Stadium.

Zil vun enger Ëmgeeungsstrooss ass et och net, den Trafic just an déi nächst Uertschaft ze réckelen. Deemno ass och d'Ëmgeeungsstrooss Käerjeng, déi vun den Hären Deputéierten am Kader vun dëser parlamentarescher Fro zitéiert ginn ass, ugepasst ginn (Stéchwuert "Contournement de proximité"). Eng Rei vu Rond-Pointen a Vitesslimitatiounen op dem "Contournement de proximité" vu Käerjeng sollen den Transitverkéier decouragéieren, wärend groussraimeg de motoriséierten Trafic tëscht Péiteng an der Stad iwwer d'Collectrice an d'A4 geleet gëtt, déi tëscht Lankelz a Lalleng méi Kapazitéit soll kréien.

Aktuell lafen deemno och Etüde fir den Ausbau op 2x2 Spuere vun der N31 (Avenue de l'Europe) zu Péiteng a fir eng Optimiséierung vum Autobunnsofschnëtt A13–A4–A13. Dës Mesuren zielen dorop of, den Transitverkéier vun der N5 op dës gestäerkte Verkéiersachsen ëmzeleeden an d'N5 entspriechend ze entlaaschten. Genausou lafe säitens Stad um Niveau vun der Helfenterbréck Iwwerleeungen, fir d'N5 fir den iwwerregionalen Trafic éischter manner attraktiv ze maachen ewéi méi attraktiv.

Et sief drun erënnert, dass ech am Dezember dat lescht Joer mat der Gemeng Dippech schonn eng Ëmgeeungsstrooss konnt aweien, an zwar déi vun Dippech-Gare. Och bei den Etude vun enger Ëmgeeungsstrooss vun Dippech selwer, wäert den neie Prinzip vum "Contournement de proximité" appliziéiert ginn. Dat heescht et gëtt een Tracé gesicht, deen net just duerch eng zousätzlech Strooss nach méi Verkéier unzitt, mee deen och lokal dozou déngt, vun engem Quartier an den aneren ze kommen, sou dass den Zentrum vun der contournéierter Uertschaft effektiv an unhalend ka verkéiersberouegt an entlaascht ginn.

Eng Tunnelvariant gouf viru Joren analyséiert, mee d'Iddi fir d'N5 duerch een Tunnel ze ersetzen ass aus villfältege Grënn verworf a vu staatlecher Säit net weider verfollegt ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

*Fro 5: Wéi steet d'Madamm Minister zu den Aussoe vum Dippecher Schäffen? Gehéiert et zu der Verkéierspolitik vun dëser Regierung, déi individuell Mobilitéit bewosst méi onattraktiv ze maachen an Ëmgeeungsstroosse bewosst ze verzögeren?*

Et ass sécherlech net d'Zil vun der Mobilitéitspolitik, de motoriséierten Individualverkéier (MIV) op deene méi laange Strecken, wou en eng wichteg Roll spillt, onattraktiv ze maachen. Den MIV bleift e wichtege Bestanddeel vun der alldeeglecher Mobilitéit, besonnesch am ländleche Raum an do, wou et nach keng vollwäerteg Alternativen am ëffentlechen Transport ginn. Par contre ginn ëmmer méi Gemengen op de Wee, inneruerts Verkéiersberouegungen am Kader vun engem méi attraktiven a sécheren ëffentleche Raum ze amenagéieren. Dës Moossnamen kënnen am Uertskär oder an de Quartieren den MIV effektiv am Interêt vun den Awunner*innen hirer Liewensqualitéit punktuell entschleunegen.

Ëmgeeungsstroosse ginn och sécherlech net absichtlech verzögert. All Projet gëtt no objektive Critèrë bewäert, wéi zum Beispill dem Notzen (ganz allgemeng zum Beispill d'Liewensqualitéit vun Awunner*innen), der Verkéierssécherheet, de méiglechen Ëmweltimpakter souwéi de Käschten an de Prioritéiten am nationale Kontext.

D'Verkéierspolitik baséiert an dësem Kontext op enger pragmatescher Approche: do, wou Ëmgeeungsstroosse sënnvoll a verhältnisméisseg sinn, ginn se ëmgesat; do, wou aner Mesurë méi effikass sinn, ginn alternativ Léisungen ëmgesat.

D'Besoinen un Transportinfrastrukturen ginn awer kontinuéierlech am Kader vum nationale Mobilitéitsplang (PNM) evaluéiert, esou wéi dat och op Säit 4 vum aktuelle PNM festgehalen ass.

An dësem kontinuéierleche Prozess sinn och d'Iwwerleeungen zu méiglechen Ëmgeeungsstroossen integréiert.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes